25.09.2023 - Luxembourg

# Roverway 2024 Norway - Luxembourg Contingent

# Newsletter 2A

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Am Summer 2024 ass no 6 Joer endlech nees ee Roverway, dësen ass dëst Kéier a Norwegen ënnert dem Thema 'North of the ordinary'. An dëser Newsletter fannt dir all wichteg Informatiounen iwwert den Roverway selwer a wéi dir iech definitiv umellen kënnt fir dësen eemolegen Camp zesumme mam Lëtzebuerger Contingent ze erliewen.

**Op ee Bléck:**

| | |
|---|---|
| Wat? | Roverway 2024 – 'North of the ordinary' |
| Wou? | Puer Deeg op verschiddene Platzen a Norwegen an de Schluss ass bei Stavanger. |
| Weini? | 22. Juli – 01. August 2024* |

Wieder offiziell Informatiounen fannt dir op dem Site vum Lëtzebuerger Contingent: https://rw2024.sil.lu/

***Mir wäerten 21. August 2024 a Norwege reesen an d'Ofrees ouni Norees ass den 2 August 2024**

## De Roverway kuerz erklärt:

De Roverway ass e groussen internationale Camp **fir Guiden a Scouten tëscht 16 an 22 Joer**, mat iwwer 5.000 Participante aus ganz Europa, a gëtt vum lokale Guiden a Scouts Verband zesumme mat den europäesche Regioune **WOSM a WAGGGS** organiséiert.

E fënnt all 3-6 Joer an engem aneren europäesche Land statt. Änlech wéi beim World Scout Moot, huelen eng 5.000 Leit Deel. Den éischte Roverway war am Joer 2003 an huet den Eurofolk ersat, deen tëscht 1977 an 1997 duerchgefouert gouf. De Programm besteet aus zwee Deeler. « Co-construction » ass e Schwéierpunkt vun engem Roverway, esou ewéi Soziaalt Engagement a vill Abenteuer.

## Wien ka mat op de Roverway?

Du kanns als Participant mat op de Roverway wanns du zum Zäitpunkt vum Camp tëschent 16 an 22 Joer al bass. Dat heescht wanns du **tëschent dem 01.08.2001 an 22.07.2008 gebuer bass.**

## Du bass méi al wéi 22 Joer?

Falls du méi al bass, kanns du ëmmer nach am International Service Team (IST) matgoen. Hei kriss du eng kléng Aarbecht um Camp selwer a pécks eng Hand mat un. Duerfir ass de Präis vum Camp awer och méi bëlleg. D'international Service Ekipp droen e groussen Deel zum Succès vum Roverway bei a maachen dësen iwwerhaapt mol méiglech. **Et ass leider net méiglech als Chef mat op de Roverway ze goen.**

## Präis:

Mir hunn elo de Präis fir den Roverway definitiv festgeluecht. An ass folgend fir Participante an IST:

Fir Participants:

- Präis vum Camp: 825 Euro (esou vun Norwege festgeluecht)
- Transport + Fliger: 750 Euro
- Material + Administratiounskäschten a Prepa-Weekend : 210 Euro
- Norees: 950 Euro
- **Total: 1785 Euro (ouni Norees) oder 2735 Euro (mat Norees)**

Fir IST:

- Präis vum Camp: 495 Euro (esou vun Norwege festgeluecht)
- Transport Fliger: 750 Euro
- Material + Administratiounskäschten a Prepa-Weekend : 210 Euro
- Norees: 950 Euro
- **Total: 1455 Euro (ouni Norees) oder 2405 Euro (mat Norees)**

| Wat | Wéini | Montant |
|---|---|---|
| 1. Acompte* | 01/11/2023 | 500€ |
| 2. Acompte | 01/01/2024 | 500€ |
| 3. Acompte | 01/03/2024 | 785€ (Participants)<br>330€ (IST) |
| Norees (optional) | 01/05/2024 | 950€ |

*Den 1. Acompte ass leider net remboursabel am Fall vun enger Ofmeldung. Dëse Montant gëtt benotzt fir ons lafend Käschte vun der Umeldung a Reservatioun vum Transport ze decken. Och ass den Umeldung nëmmen definitiv wann dëse bezuelt ass.

Déi leit déi sech schon ugemellt hunn, kréien an deenen nächsten Deeg eng Bestätegung an eng Rechnung geschéckt. **Bezuelt w.e.g eréischt wann dir eng Rechnung kritt hutt!**

## Wéi mellen ech mech un?

D'Umeldung leeft säit dem 1. Juli 2023 an ass nach bis den 1. November 2023 op. Umelle kann een sech op eisem Site andeems een hei de Formulaire ausfëllt.

Wanns du mat als Participant gees, wäerts du de Roverway an enger Patrull verbréngen. Dës Patrulle bestinn aus 5-8 Leit, wou opmannst eng Persoun iwwer 18 Joer **muss** dobäi sinn. An der Patrull muss och een zum Patrol Leader bestëmmt ginn, dës Persoun muss och iwwer 18 sinn. Wanns du dech umells, gëff w.e.g den Numm vum Patrol Leader un domat mir wësse wéieng Leit mir beieneen sëtzen. Falls dir manner wéi 5 Leit sidd, da gitt w.e.g déi aner Leit vun ärer Patrull un esou

dass dir awer beienee kënnt bleiwen. Gitt dann och w.e.g är Interesse fir de Path un sou dass mir iech kënne bei Leit sëtzen déi änlech Interessen hunn. Wann dir méi wéi 8 Leit sidd, musst dir iech leider opdeelen, an hei kënne keng Ausname gemaach ginn.

**Du bass Participant an hues nach keng Patrull a kenns och soss keen de mat op de Roverway geet? Keen Problem!**

Gëff einfach deng Interesse fir ee Path un a mir kucken dech an eng Patrull ze sëtzen déi änlech Interessen huet. Dës kann z.b. sinn dass du éischter ee Path wëlls bei dem ee méi Actionräich Aktivitéite mécht (Hiken, Rafting, Kayak), oder een Hike wou een éischter Norwegesch Kultur léiert an net sou sportlech ass.

Nom 1. November 2023 kënne mir leider k.eng weider Leit méi unhuelen an et kann ee nëmmen nach iwwert eng Waardelëscht eng Chance kréie fir mat op de Roverway ze goen. Ewéi och vir all déi aner Roverway leeft d'Aschreiwung nëmmen iwwert de lëtzebuergesche Contingent. Et ass net méiglech sech direkt bei den Organisateuren anzeschreiwen.

→ Wanns du dech schons provisoresch ugemellt has, **musst du dech elo nach emol definitiv umellen!**

Informatioune fir d'Umeldung fir Norees, kriss du wanns du déi definitiv Umeldung gemaach hues.

## Prépa-Weekend fir de Roverway

Den Prépa-Weekend vum Lëtzebuerger Contingent wäerd vum 13-14 Abrëll, 2024 sinn. Dëse Weekend ass obligatoresch fir jiddereen de mat op de Roverway geet. Dëst ass déi eenzeg Chance dass de ganze Contingent sech op enger Platz trëfft an hei wäerd dir och wichteg a nëtzlech Informatioune kréien. Duerfir schreift iech den Datum scho mol op!

## Contingent Badge

Schéckt eis är schéinsten Iddie fir eise Logo! De Lëtzebuerger Contingent sicht e Logo fir de Roverway. Hei e puer Elementer, déi am Logo solle virkommen:

- « Roverway 2020 »
- « Luxembourg » an « Norway »

Dëse Logo soll fir folgend Saache benotzt ginn:

- All méiglech Dokumenter vum Contingent
- Internetsite a sozial Netzwierker vum Contingent
- Gadgete vum Contingent

Schéckt eis är Entwerf op cmt@rw2024.sil.lu

Dir kennt eis et a Form vun engem Dokument an der bescht méiglecher Qualitéit (AI, JPEG, PNG, PDF) oder als Foto vun der Zeechnung schécken. De Gewënner krit och vun eis e spezielle Cadeau.

Hei kennt der déi offiziell Logoe vum Roverway eroflueden: https://roverway.no/about/graphic-profile/

## Terms and Conditions

Terms and Conditions vum Roverway Camp sinn och elo op eisem Site disponibel. Dës goufe vun den Norweger geschriwwen a gëlle fir de Camp selwer a Norwegen.

## Wei maachen ech Reklamm a mengem Grupp?

Hei fannt der all eis Dokumenter (Powerpoint, Flyeren, Poster, Newsletter): https://rw2024.sil.lu/newsletters-documents/

Als Contingent si mir iwwert eis eege Weeër present (Internetsäit, Facebook, Instagram). Wann dir sëlwer eppes iwwert de Roverway post, kënnt der eis gären taggen.

## Ass et méiglech eng Reduktioun oder ugepassten Delaie fir ze bezuelen ze kréien?

Am Moment kenne mir keng Reduktioun erméiglechen. Am Fall wou et schwiereg ass, d'Acompte rechtzäiteg ze bezuelen, siche mer eng gemeinsam Léisung. Mir kennen d'Delaie vun den Acompte an eenzele Fäll upassen.

fnel scouts & guides

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

**Ass et méiglech, Jonker mat enger Behënnerung anzeschreiwen?**

Jo, dëst ass méiglech. An dem Fall gëtt eng Patrull mat 8 Participanten an dovuner muss ee spezifesche Chef och matgoe fir déi Persoun ze begleeden.

**Wéi sinn ech verséchert ?**

Als Member vun den LGS an der FNEL bass du automatesch mat enger Haftflicht a „Personenschadensversicherung“ verséchert. Dës Assurance gëllt natierlech och fir de Roverway. Hei ass keng Reiserücktrittversécherung mat dran, fir dës ass all Participant selwer responsabel. All Participant ass fir seng eege Saachen, déi e mat op de Camp hëlt, responsabel.

**Kontakter vum Lëtzebuerger Contingent:**

Weider Informatioune vum Contingent (Neiegkeeten, Dokumenter, FAQ, etc.) a vum Roverway sinn op eisem Internetsite disponibel: Internetsite

info@rw2024.sil.lu | Facebook | Instagram

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,
Jennifer, Bruno a Steven